N° 6116
Reçue le 28.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.04.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 28. Abrëll 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Medieminister, den Här Aarbechtsminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Zoumaache vun der Dréckerei vum Luxemburger Wort ass en historesche Moment. D'Onofhängegkeet vun der Press war an der Zäit nëmmen duerch de Besëtz vun enger Dréckerei garantéiert. D'Sankt-Paulus-Dréckerei huet mat hirer Aktivitéit esouguer de Garer Quartier ronderëm d'Paräisser Plaz gepräägt. An Drécker hunn (och well si liesen a schreiwe konnten) laang Joren an eiser Gesellschaft vill Afloss gehat a vill bewierkt. An deem Kontext wëll ech dës Froen un den Här Aarbechts- an den Här Wirtschaftsminister stellen:

1. Wéi vill Leit schaffen nach an der Dréckerei, déi elo zougemaach gëtt? Wat geschitt mat hinnen? Kréie si déi nämmlecht Konditioune wéi d'Mataarbechter vum Groupe Saint-Paul, déi mat deem leschte Sozialplang hir Plaz verluer hunn?
2. Wierkt d'Zoumaache vun der Dréckerei sech op d'Berechne vun der Pressehëllef aus?
3. Wär an der Retrospektiv eng Pressehëllef op Grond vun den héijen techneschen Investitioune vun den Zeitungen an de leschte Joerzéngten net méi sënnvoll gewiescht wéi d'Berechnung vun de redaktionellen Inhalter?
4. Wéi autark ass de Lëtzebuerger Dréckereismaart nach? Fir wat fir Dréckaarbechten (Zeitungsproduktioun, Buchdrock …) fanne sech keng Ubidder méi zu Lëtzebuerg?
5. Wat fir Beruffer aus dem Dréckereiwiese ginn nach zu Lëtzebuerg geléiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten